# Eis Charte

*Fir d'Zesummeliewen an der Schoul méi flott ze maachen*




## D'Schüler

Mir respektéieren eis Matschüler an eist Léierpersonal.

Mir zerschloen eis net, späizen net, a soen keng Wierder, déi net an d'Schoul gehéieren.



Mir klauen net a léien net.

Mir respektéieren d'Schoulmaterial an d'Material vun all de Matschüler.





Mir halen d'Gebai, d'Toiletten an de Schoulhaff propper a gehéien eisen Dreck an Dreckskëscht.

Mir gin während der Paus an den Haff an turnen net duerch d'Gebäi.

Mir spillen net mat geféierlechen an verbuedenen Saachen.



# D'Elteren



Mir maachen all eist Méiglechst an mir sinn ee gutt Beispill fir eis Kanner.

Mir suergen dofir, dass eis Kanner all Dag zur Zäit an der Schoul sinn.

Fir Gesondheet a Konzentratioun vun eise Kanner suerge mir fir eng gesond Ernährung doheem an an der Schoul.



Mir versichen am Léierprozess vun eise Kanner mat der Léierin / dem Schoulmeeschter zesummen ze schaffen, a si / hien a senge Beméiungen zum Wuel vun eise Kanner ze ënnerstëtzen.

Mir versichen e Klima fier eis Kanner ze schafen, an deem et hinne méiglech ass ze léieren.



# D'Léierpersonal




***Mir schafen eng Atmosphär, wou all Kand sech wuel fillt an eppes ka léieren.***

***Mir sinn dialogbereet.***

***Mir vermëttelen de Kanner eng optimal Basis fir hiert spéidert Liewen.***



***Mir ginn an der Rumm vum Méiglechen op d'Bedierfnesser vun de Kanner an .***

